



nen ze schaffen, an datt mer duerfir vläicht net dee Stage brauchen, wéi mer e bei anere Kategorie vu Fonctionnaire queesch uechtert d'Fonction publique brauchen. Mä dat ass eng Saach, déi mer sécherlech intensiv an den nächste Méint an hoffentlech dann och duerno kennen diskutéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dir hätt dat wuel kënne spezifesch ëmsetzen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7206 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7206 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung gëtt elo mat engem Hechtsprong ofgeschloss.

(**Hilarité**)

32-mol Jo an 28 Abstentionen. Domat ass de Projet de loi 7206 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Simone Asselborn-Bintz, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Martine Mergen), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen: de Projet de loi 7240, d'Schafung vun engem neie Lycée zu Munneref. An de Rapporteur, den Här Lex Delles, dee weess eppes doriwwer ze erziel.

3. 7240 - Projet de loi portant création d'un lycée à Mondorf-les-Bains et modification

1° de la loi du 22 juillet 2008 portant création d'un lycée à Junglinster;

2° de loi modifiée du 13 juin 2013 portant création d'un lycée à Clervaux;

3° de loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange;

4° de la loi du 15 décembre 2017 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2018

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, komme mer elo zu engem laang erwaartene Projet de loi. A gleeft mer, ech weess, vu wat ech schwätzen! Ech selwer war net am Alter, wéi de Lycée sollt op Munneref kommen, fir kënne an de Lycée ze goen, mä et ass awer scho säit ganz laanger Zäit, wou driwwer geschwat gëtt.

Eng vun deene gréissten Erausforderunge vun eiser Schoul, wann net souguer déi gréissten, ass déi vun där ëmmer méi heterogener Schoulpopulatioun. Ëmmer méi Kanner

schwätzen doheem zum Beispill kee Lëtzebueresch als éischt Sprooch méi um lesdësch. Während dem Schouljoer 2015-2016 louch de Prozentsaz vun de Primärschoulkanner, deenen hir éischt Sprooch doheem net Lëtzebueresch ass, bei 63,5%, am Verglach zu 54,2% am Schouljoer 2009-2010. Am Enseignement secondaire ginn iwwer 52% vun de Schüler eng aner Sprooch wéi Lëtzebueresch als geschwate Sprooch doheem un.

Wann d'Schüler sech änneren, dann dierf eis Schoul net déiselwecht bleiwen. Et dierf net sinn, dass mir just fir d'Halschent vun de Kanner eng Schouloffer ubidden, déi et hinnen erméiglecht, ze reusséieren. Bei deemem Projet de loi schwätze mer guer net vum „Niveaulement vers le bas“ oder vun enger Privatisierung vun der Éducation nationale. Bei deemem Projet de loi geet et eenzeg an eleng ëm Chancëgläichheet.

D'Regierung schafft zanter Joren drun, déi schoulesch Offer ze erweideren, ze diversifiéieren an ze flexibiliséieren. D'Ambitioun vun der Regierung besteet doran, all Student dozou ze bréngen, seng maximal Léiercapacités auszuschöpfen a jiddwerengem eng Chance ze bidden, fir schoulesch erfollegräich ze sinn, onofhängeg vun der sozioekonomescher Situation vum betreffende Schüler oder der Sprooch, mat där en doheem schwätzt.

E breet opgestallte Bildungssystem mat enger differenziierter Offer ass een Atout och fir de Standuert Lëtzebuerg. D'Philosophie vun de Reformen, déi um Secondairesniveau gemaach ginn, ass getrei dem Motto „ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ initiéiert ginn. D'Schoule krute méi eng grouss Autonomie zougesprach, soudass se hiert Educationskonzept a Funktioun vun der Besonneschkeet vun hirer Schoulbevölkerung selwer definéiere kënne an anerersäits d'Schouloffer op hir Besoinen adaptéiere kënnen.

Här President, no der Aféierung vun enger Formation préparatoire fir den internationale Baccalauréat an de britteschen Diplomer, huet d'Ouverture vun der Internationaler Schoul zu Déifferdang am Joer 2016 eng nei Etapp bei der Differenzierung vun der lëtzebuergescher Education markéiert. Am Géigesaz zu aneren europäesche Schoulen zu Lëtzebuerg ass déi International Schoul zu Déifferdang déi éischt öffentlech Schoul an der lëtzebuergescher Educationlandschaft, déi op Basis vun de Programmer vun den europäesche Schoule gegrënnt ginn ass an déi fir jiddwereen zougänglech ass, an dëst ouni Aschreiwungsfrais.

Dës nei Schouloffer hat esou e grouse Succès, dass d'EID direkt no engem Joer huet missen extra Klassen zu Esch/Uelzecht organiséieren, fir der wuessender Demande Meeschter ze ginn. Dëst ass och de Grond, firwat dës Schoul méttlerweil an International Schoul Déifferdang an Esch/Uelzecht - EIDE - ëmbenannt ginn ass.

(**Interruption**)

Dëse Projet de loi proposéiert, d'Offer vun öffentlechen europäesche Schoulen ze vergréisseren an ze dezentraliséieren, andeems dräi nei europäesch öffentlech Schoule gebaut ginn, dovunner zwou am Osten, zu Munneref an zu Jonglënster, an eng am Norden, zu Clief. D'Educationsoffer, déi an dësen europäesche Schoulen ugebuede gëtt, adresséiert sech net nëmmen un eenheemesch Schüler, déi vun enger sproochlech a kulturell villfältiger Bildung wëlle profitéieren, mä och u jonk Leit, déi just iwwergangsméisseg am Grand-Duché wunnen.

Déi hei genannten nei europäesch Schoule fonctionnéieren no de Grondsätz vun enger unerkannter europäescher Schoul. Verbonnen duerch eng Konvention mam europäesche Schoulsystem, bidde se eng Léier un, déi de festgeluechten Educationsvoraussetzung vun den europäesche Schoulen entsprécht, dëst am Kader vum nationale Schoulreseau. Duerfir sinn d'Verwaltung, d'Finanzéierung an d'Personal vun den zoustännegen europäesche Schoule ganz ënnert der Leitung vum Educationsmministère, währenddem d'Programmer, d'Grille-horaires an d'Zertifizierung vun de Richtlinien den europäesche Schoulen ënnerleien.

Den Enseignement an dësen europäesche Schoulen ass multilingual a multikulturell. Besonnesch Opmierksamkeet gëtt op d'Promotion vun der europäescher Iddi geluecht, nottament wat d'Education vu géigesäitegem Respekt tëschent Kulturen an Offenheet zur Aussewelt ugeet.

Här President, ofhängeg vun de Besoinen an den disponibelen Infrastrukturen, bidden déi europäesch Schoule folgend Cyclen un: e Cycle vun zwee Joer préscolaire, déi sougenannten „early education“, d'Maternelle; ee Cycle vu fënnf Joer Enseignement primaire; ee Cycle vu

siwe Joer Enseignement secondaire. D'Ausbildung gëtt duerch een europäeschen Diplom zertifizéiert, deen an all EU-Memberstat an a villen anere Länner unerkannt gëtt an de Schüler esou d'Méiglechkeet gëtt, sech schoulesch weiterzebilden an deementspreechend d'Chance ze hunn, op eng Héichschoul oder eng Uni studéieren ze goen.

Et gëtt erwaart, dass d'Europaschoul zu Clief an de kommende Joren engersäits ongeféier 300 Schüler an diversen europäesche Secondairesklassen an anerersäits nach eng Kéier ongeféier 300 Schüler an der Spillschoul an an der Primärschoul opheue wäert. Déi europäesch Schoul, déi zu Jonglënster geschaaft gëtt, bitt Plaz fir ronn 500 Schüler am Secondaire souwéi 150 Schüler an der Primärschoul an an der Spillschoul. Déi International Schoul zu Munneref kann am Ganzen insgesamt ronn 1.500 Schüler opheulen.

Déi akkreditéiert europäesch Schoule bidden op d'mannst zwou Sproochesektiounen un. Et muss een de Choix tëschent der englescher, der franséischer oder der däitscher Sprooch treffen. D'Schüler wien also d'Sproochesektioun no der Offer, déi an deene verschidde Schoulen ugebuede gëtt. De Lënster Lycée bitt eng engleschsproocheg Sektoun an eng däitschsproocheg Sektoun un. De Lycée Edward Steichen bitt eng franséisch- an eng däitschsproocheg Sektoun un. De Munnerefer Lycée bitt déi dräi Sproochesektiounen un, Franséisch, Däitsch an Englesch.

Wichtig ze betounen ass, dass d'Regierung sech och der grousser Bedeitung vun der Lëtzeburger Sprooch als Kommunikations- an Integratiounssprooch an eise multilingualen a multikulturelle Land bewosst ass. Mat deemem Projet de loi gëtt an deem Sënn och eng Obligation fir d'europäesch Schoulen agefouert, dass an all Cyclen obligatoresch Coursen op Lëtzebuergesch mussen ugebuede ginn. D'Afiere vu Schoulen nom europäesche Modell an d'Fërdere vun der Lëtzeburger Sprooch schléisse sech deemno op kee Fall aus.

Här President, dëse Projet de loi bitt och d'legal Basis fir d'Schafe vun engem neie Lycée an der schéiner Gemeng Munneref. Enfin!

► **Plusieurs voix.** - Aah! Très bien!

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Well elo kënnt nämmlech d'Fro: Wouhinne kënnt dës Schoul dann zu Munneref genee?

Et ass esou, dass de Site „Um Gremelter“ feste Bestanddeel schonn ass, fir dës Schoul och duerno kënne ze accueilléieren, an d'Terraine souwéi d'Infrastrukturaarbechten do scho virgesi sinn, fir weiderzefueren. An der Tëschenzäit ass et awer esou, dass eng provisoresh Struktur uewe bei der „Villa Ungeheuer“ schonn erausgesicht ginn ass, wou...

(**Interruption**)

Déi heescht esou.

...wou d'Infrastrukturaarbechten an d'Konventionen tëschent dem Ministère, der Gemeng an dem Domaine thermal och schonn ofgeschloss sinn, dem Bau vun enger provisoresher Struktur also net nëmmen näischt méi am Wee steet, mä schonn ugefaangen huet an d'Halschent vun där Containerstruktur och scho fäerdeg ass an de Rescht an den Detail duerno iwwer Konventionen geregelt ass.

D'Implantation an d'Konstruktion vun dem neie Lycée baséieren op dem Rapport vum Plan directeur sectoriel „Lycées“. Et geet natierlech haaptsächlech drëms, dem Oste vum Land eng ugepassten Offer u schouleschen Infrastrukturen ze bidden. D'neiert dezentraliséiert een awer och d'Schouloffer. Et reduzéiert een d'Distanzen an domat d'Trajete fir d'Schüler an et verstärkt een den Entwécklungs- an Attraktionszentrum an der Region.

Här President, fir den Detail vun deemem Rapport souwéi d'Aviser verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport an ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An éischt age-schriwwer Riednerin ass d'Madamm Hetto-Gaasch.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem Här Lex Delles villmools Merci soe fir e wierkelech explizitte schrëftlechen an och mëndleche Rapport. Mir stëmmen also haut engersäits d'Schafe vun engem neie Lycée zu Mondorf a gläichzäiteg awer och d'Integration vun dräi agréierten Europaschoulen an deem neie Lycée zu Mondorf, awer och an de besteeënde Lycée vu Lënster a vu Clief.

De Rapport vum Plan directeur sectoriel „Lycées“, deen hat effektiv deemools erginn, dass

de Südoste vum Land, wat d'Lycéeën ubelaangt, zimlech eidel ass. An de Lycée vu Mondorf, dee soll dann dat Lach do combliéieren. Agreabelen Nieweneffekt ass natierlech och d'Entlaaschtung vun eise Stroossen. An d'Zukunft mussen d'Schüler dann aus där doter Region net méi onbedéngt bis, ech soen emol, op Diddeleng, Esch, Maacher oder an d'Stad bruecht ginn, mä d'Schüler kréien endlech e Lycée, deen no bei hirem Wunnuert ass.

E Lycée am Südoste vum Land ass dann och e weidere Schrëtt vun der Dezentralisierung hin zu enger flächendeckender Offer vun der öffentlecher Schoul. An der Internationaler Schoul zu Mondorf fanne ronn 1.500 Schüler Plaz an e weideren Atout vun där Schoul, vun deem Lycée ass, dass do och en Internat wäert si fir ronn 100 Schüler. Flott och natierlech, dass déi Schüler herno kënne vun deem neie Velodrom profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wier awer och elo gutt ze héieren, wou bei deem Lycée Munneref de Schwéierpunkt soll ugesat ginn an ob sech do och mat deenen anere Lycéeën aus der Émgegend ofgeschwat ginn ass, fir wierkelech eng kohärent an eng global Offer kënne ze schafen, soudass déi eenzel Lycéeën sech am Fong geholl mat hire jeeweiligen Offere kënne ergänzen an domadder och dem Besoin vun der Populatioun an dem Raum Südoste Rechnung gedroe gëtt.

Dir sot ëmmer, Här Minister, „ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“. Abee, déi ënnerschiddlech Schoule bréngen natierlech och ënnerschiddlech Fonctionnementssystemer mat sech. An do stelle sech fir eis awer dach eng ganz Partie Froen.

Mir froen eis zum Beispill, ob et gesond ass, innerhalb vum selwechte Gebai Leit ënner ganz ënnerschiddleche Statute schaffen ze hunn. Déi eng si Fonctionnaires publics, déi aner sinn Employés publics, nees anerer si Fonctionnaires stagiaires an da gëtt et och nach Salariés vum Stat. D'Fro ass do: Ënner wéi engem Statut ginn dann elo déi sougenannten Employés enseignants, wéi se am Gesetz genannt ginn, agestellt?

Zweetens: Obwuel mer hei an enger öffentlecher Schoul sinn, sinn déi sproochlech Ufuerderungen un d'Personal net ëmmer déiselwecht. Déi eng mussen déi dräi administrativ Sprooch vu Lëtzebuerg beherrschen, déi aner, wéi déi Employés enseignants respektiv „native speakers“, awer och d'Assistant-socialen oder och d'Psychologen, déi brauche just eng vun den dräi administrative Sproochen ze kënne, an dat just am Niveau B2. Do froe mer eis: Wéi wëllt Der an deem Fall garantéieren, dass d'Kommunikation optimal tëschent all deene Leit kann oflafen, déi awer mat deene Kanner do schaffen?

Drëtzens: D'„native speakers“, déi engagéiert ginn, déi dierfe Schoul halen an den europäesche Klassen, mä net am Lëtzeburger System. An do froe mer eis, ob eise Generalist aus dem Fondamental mat deem Ganzen do a Fro gestallt gëtt.

Véiertens: Gëtt et Passerell vum europäesche System an de lëtzebuergeschen oder net?

Fënneftens stelle mer fest, dass am Primaire d'Klassen net, wéi bei eis am Lëtzeburger System, den Directions de région ënnerstinn, mä engem Schouldirekter. An e Schouldirekter fir de Primaire ass jo zanter Laangem eng Forderung vun der CSV.

Sechstens: Riskéiere mer net hei och e Broch ze kreéiere mat eise System, wa mer wierkelech schonn ufänken, am Primaire esou eng europäesch Offer unzebidden?

Dir Dammen an Dir Hären, d'Sprooch ass a bleift aktuell den Haaptproblem an eise Bildungssystem. Op Hibleck vun der kultureller a sproochlecher Heterogenitéit vun eiser Bevölkerung ass et fir eis wichtig, dass déi Lëtzeburger Sprooch vu klengem un als Integrations- an och Kommunikatiounssprooch gefërdert gëtt. Dëst kënnt och der sozialer Kohäsion zegutt.

Mir begrëssen dohier, dass obligatoresch Lëtzebuergeschcoursé stattfannen an dass à terme den Niveau B1 a B2 vum europäesche Sproochereferenzkader fir d'Lëtzebuergesch viséiert ass. Am Primaire gi Basiskompetenze vermëttelt an dat Ganz soll da verdéift ginn am Secondaire. Eng Villfalt vun ënnerschiddleche Schoule kann allerdéngs net déi eenzeg Äntwert op d'Sproocheproblematik sinn. De Sproochenunterrecht u sech muss einfach reforméiert ginn.

Här President, ech kommen zu menger Konklusion. Och wa mir eng ganz Partie Kritikpunkten hei opgeluecht hunn an och nach e puer Froe gestallt hunn, wou ech hoffen, dass de Minister eis kann eng Äntwert dorobber ginn, esou ënnerstëtzt d'CSV awer de Projet vum Lycée zu Mondorf, deen iwwregens nach



ännert der viregter Regierung vum deemolegen Infrastrukturminister Claude Wiseler an d'Wee geleet ginn ass. A mir ënnerstëtzen och déi nei Offer vun europäesche Schoulen, déi mer an déi zwee besteeënd Lycéeën, Lënster a Clierf, integréieren.

Et wier allerdéngs flott, wann een an e puer Joer géif kucken, wéi dat Ganzt sech entwéckelt an ob dann och d'Integratioun vun deenen dote Kanner sech an eis Gesellschaft mécht.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci. An nächste Riedner ass den Här Gilles Baum.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Et ass de Mëtten e puermol ugeklongen, „ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“. Abee, dat ass eng Approche, déi einfach der Realitéit dobaussen am Land Rechnung dréit.

Dat, wat mer de Mëtten hei stëmmen, dat bedeit méi Autonomie fir d'Schoulen an et bedeit méi Handlungsspillraum fir eng ëmmer méi heterogen Schoulpopulatioun. Déi ëffentlech europäesch Schoulen, déi de Mëtten hei zu Clierf, zu Mondorf an zu Jonglënster kreéiert ginn, déi féieren zu engem international unerkannten Diplom. An de Mëtteg vergréisse mer a mir dezentraliséieren d'Offer, déi ugebuede gëtt.

Zu Mondorf, do wäert eng däitsch, franséisch an och eng englesch Sektion entstoen. An ech sinn iwwerzeugt, dass do mam neie Mondorfer Lycée an och mat der ëffentlecher Europaschoul, déi do entsteet, wäerte ganz flott Synergien méiglech si mam Schengener Lycée.

D'Europaschoul zu Clierf, déi wäert dem Kanton an der ganzer Géigend guttduen. Si ass complémentaire par rapport zu der besteënder Offer an et ass e weideren Attrait an der schoulescher Landschaft am Norden.

An zu Jonglënster, do wäerten elo schonn ab September déi europäesch Klassen opgoen. Virgesi war, fir am Fondamental eng englesch Klass ze maachen an eng däitsch am éischte Schouljoer. A virgesi war och, fir am Secondaire, dat heescht op der Septième, eng englesch an eng däitsch Klass ze maachen.

Ech hu Récksprouch geholl mat deene Responsabelen aus dem Lycée, déi dee Projet do och an Informationsversammlungunge presentéiert hunn, an et ass esou, dass den Attrait wierklech ganz, ganz grouss ass. Am Fondamental wäerten net eng englesch Klass opgoen, mä et ass virgesinn, fir zwou englescher opzemaachen an eng däitsch. An op der Septième, dat heescht am Secondaire, wäerten zwou Klassen am Däitschen opgoen an zwou am Engleschen. Et kann een also soen, dass dat dote schonn en absoluten Erfolleg ass. De Besoin ass do. Dës Regierung huet op de Besoin vun de Leit do-bausse reagéiert a mir passen eis einfach der Realitéit un.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, dass an deene Klassen - well ech weess, dass heibanne Leit sinn, fir déi dat ganz wichteg ass - och Lëtzebuergesch um Programm steet fir déi europäesch Klassen. An ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Klassen, déi do opginn an deenen europäeschen internationale Schoulen, net nëmme Klasse si fir auslännesch Kanner, mä dass och Lëtzebuergesch Kanner kënnen an déi Klassen a kënnen an déi Schoule goen.

Dat gesot, géif ech den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci. An nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Educatioun gehéiert ganz kloer zu de politesche Prioritéiten vun der LSAP. Bildung ass e Grondrecht fir all Kand, onofhängeg vu senger Hierkonft, vu sengem Geschlecht, vum Akommes vu sengen Elteren an och onofhängeg vu senger Nationalitéit. Eng gutt a sozial gerecht Bildung ass fir d'Zukunft vun all Kand entscheidend. An och ass d'Bildung onverzichtbar fir déi sozial Kohäsioun an eisem Land. An och den ekonomesche Succès vun eisem Land hänkt mat der Bildung vun eise Kanner zesummen. All Kand ass nëmmenlech eng Beräicherung fir eist Land.

An dofir ass et wichteg, dass eise Schoulssystem ëmmer erëm op eis Kanner adaptéiert gëtt, fir esou all Kand déi bescht Voraussetzungen ze bidden, fir säi schoulesche Parcours ze meeschteren, an et esou och op seng Zukunft virzubereeden. An och grad an deem Sënn muss eise Schoulssystem fir méi Chancégerechtgheet fir all Kand suergen.

Duerfir begrësse mir et als LSAP, dass niewent der Internationaler Schoul zu Déifferdeng an zu Esch elo och déi schoulesch Offer zu Clierf, zu Lënster an zu Mondorf, wat den internationale Volet betrëfft, erweidert gëtt. Esou schafe mer domat a weidere Regiounen vum Land eng Schouloffer, déi sech eisen heterogene Schüler upasst. Eng breet Schouloffer ass net nëmmen en Atout fir de Standuert Lëtzebuerg, mä och fir déi eenzel Regiounen an eisem Land. Mir valoriséieren domat déi eenzel Regiounen, well d'Familljen, fir déi esou eng international Schouloffer wichteg ass, müssen elo net méi dohinner wunne goen, wou dës Schouloffer ugebuede gëtt, respektiv d'Kanner hu moies net méi esou e laange Schoulwee, fir an esou eng Schoul ze fueren.

All Kand, egal wou et hei am Land wunnt, huet elo d'Méiglechkeet, a senger Regioun vun enger internationaler Schouloffer ze profitéieren.

Här President, niewent den internationale Sektionen an deene verschiddene Schoule schafe mer mat deem Gesetz awer och e komplett neie Lycée, an dat am Südoste vun eisem Land, zu Mondorf. Domat gëtt d'Schouloffer am Osten och flächendeckend komplettéiert. D'Fläch vum Osten erstreckt sech iwwer eng relativ laang Streck, soudass mer elo mat véier Lycéeën am Osten an all Regioun d'Offer ofgedeckt hunn.

Niewent dem Lycée lechternach, dem Maacher Lycée an dem Lënster Lycée kritt dann elo och den drëtte Kanton am Osten en eegene Lycée. Voilà, an dat scho gesot, ginn ech natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem Projet.

An ech soen natierlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och. Als nächst huet d'Madamm Josée Lorsché d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Projet de loi dréit engersäits dozou bäi, dass d'Lycéesoffer der wuessender Demande gerecht gëtt a geografesch gutt verdeelt ass. An anerersäits geet et bei deem Projet de loi natierlech och ëm d'Integratioun vun engem agreéierten internationale Konzept an eise klasessesche Schoulssystem. An et sinn och dës zwee Voleten, op déi ech kuerz wéilt agoen, grad wéi meng Virriedner.

Zu den Infrastrukturen: Wann ee sech de Bevölkerungswuesstum ukuckt, da weess ee ganz gutt, dass Lëtzebuerg an den nächste Joren nei Schoulinfrastrukturen brauch. An net fir näischt sinn an de leschte fénnef Joer ganzer 50 Projeten um Niveau vun de Lycéesinfrastrukturen accordéiert, geplangt oder awer scho fäerdeggestallt ginn. An och an Zukunft wäert keng Regierung sech op deem Gebitt langweilen.

Elong an zéng Joer sinn d'Schülerzuele vu 36.900 op iwwer 45.000 gewuess, wat den Handlungsbedarf an deem Gebitt ënnersträicht. Esou zum Beispill an der Regioun ronderëm Mondorf am Südoste vum Land, wou schonn zanter zwielef Joer op de Bau vun engem neie Lycée gewaart gëtt. Den Här Député-maire weess, vu wat ech schwätzen.

D'Finanzéierungsgesetz, wat dat neit Gebai soll finanzéieren, wäert viraussichtlech virum Summer gestëmmt ginn, wat der Qualitéit vum Unterrecht natierlech wäert zeguttkommen. An ech denken, och doriwwer sidd Dir net onglécklech.

Handlungsbedarf gëtt et awer net nëmmen um Niveau vun den Infrastrukturen. Et gëtt och Handlungsbedarf, wat d'Konzepter vun der ëffentlecher Schoul ugeet, jiddefalls wa mer wëlle verhënneren, dass mir viru Privatschoulen oder Parallellwelte stinn a vun deenen iwwerrannt ginn. Eng Parallellwelt mat Privatschoule gëtt et net nëmmen zu Lëtzebuerg, et gëtt se och am Ausland, wou iwwer 3.000 Schüler, déi zu Lëtzebuerg wunnen, scolariséiert sinn.

Ganz oft hu si net de Profil, fir an eiser klassischer Schoullandschaft Fouss ze faassen a flüchte souzesoan an auslännesch Schoulen, wou se a ville Fäll reusséieren. De Problem läit net an engem Mangel un Intelligenz, mä doran, dass hir Sprochekultur eng Hürd duerstellt, déi net esou séier iwwerwonnen ka ginn.

Eent vun de Konzepter, fir deem Problem Rechnung ze droen, awer och fir eis Schouloffer generell ze diversifiéieren, ass ebe grad d'Konzept vun der agreéierter internationaler Schoul, ëm déi et an deem Projet de loi geet.

Dir Dammen an Dir Hären, no zwou Chamberdebatten, déi schonn zu deem Thema stattfonnt hunn, ass d'Positioun vun der grénger Fraktioun längst bekannt. Als historescht Immigrationsland mat iwwer 170 Nationalitéiten, déi gutt zesummeliwwen, mä och als histore-

sche Sëtz vun europäeschen Institutiounen kënne mir eis et net leeschten, eise Schoulssystem virun internationale Modeller ze verschléissen, wuel wëssend dass och Lëtzebuergesch an deser Schoul wäert enseignéiert ginn.

Dat heescht, eng international Gesellschaft brauch eng gratis international Schoul, wa se alle Kanner wëllt gerecht ginn, déi an eisem Land liewen, an net just engem Deel dovun. A se brauch och eng gratis international Schoul, wa se de sozialen Zesummenhalt an eisem Land net wëllt a Gefor bréngen.

Aus deem Grond stounge mir der Integratioun vun esou Konzepter vun Ufank u positiv vis-à-vis a mir begrëssen och grad dese Projet de loi. Et ass e Projet am Sënn vun der Kontinuitéit a vun engem duerchduechte Konzept, wat mir heimat net nei erfannen, mä wat sech längst bewäert huet.

Här President, dat heescht net, dass mir blauäugeg sinn a mengen, dass mat engem Schoulmodell wéi deem all sozial Problemer geléist kéinte ginn. A mir verstinn och der Chambre des Salariés hir Suerg, dass international Schoule Gefor lafen, privilegiéiert Institutier fir bessergestaltete Gesellschaftsschichten ze ginn.

Well de Prinzip vun der direkter Proximitéit vum Wunnsëtz bei der Opnam net zielt a well grad déi bessergestaltete Schichten am beschten iwwert d'Schouloffer informéiert sinn, ass de Risiko vun der „non-mixité sociale“, wéi d'CSL sech ausdréckt, natierlech net ganz ausgeschloss. Allerdéngs ass dat fir eis kee Grond, fir déi international Ausrichtung vum Enseignement generell a Fro ze stellen. Et ass vill méi en Ustouss, fir eng besser Informationspolitik ze bedriewen a konsequent ze versichen, sämtlech sozial Schichten fir alternativ ëffentlech Schoulmodeller ze begeschten.

An Zäite vu gratis ëffentlechem Transport a gratis Schoul fir all Schüler a Student ass dat keng Fro vu Geld, mä eng Fro vun Informatioun a Motivatioun. Mir si jiddefalls zouversiichtlech, dass déi nei international Schoul de Schoulparcours vu ville Jonke wäert beräicheren an zum Erfolleg maachen, net am Ausland, mä zu Lëtzebuerg, an dëst och net nëmmen zu Déifferdeng, wou se scho besteet a bewisenermoossen eng grouss sozial Mixitéit opweist, dat hunn ech mer vum Député-maire vun Déifferdeng soe gelooss a bestätege gelooss. Dat wäert och zu Mondorf, zu Lënster an zu Clierf de Fall sinn, an dëst duerch dese Projet de loi.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun, natierlech net ouni dem Här Lex Delles Merci ze soen, mä mat engem grouse Merci. Ech hat et virdru vergiess an duerfir soen ech lech elo zweemol Merci fir Are gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, da fänken ech do un, wou d'Madamm Lorsché opgehalen huet: E grouse Merci un den Här Delles, Felicitatiounen och a senger Qualitéit als Buergermeeschter fir déi nei Schoul, déi elo op Munneref kënnt.

Et ass awer e ganz interessante Projet. Och mir als ADR hate schonn e puermol d'Geleeënheet, op déi Logik anzegoen, déi hei hannendrusteet. Esou schéin et ass, dass mer méi Schoulen, méi Lycéeën an d'Land kréien, mussen mer eis awer froen, firwat et déi heiten Entwécklung gëtt. Firwat steet se?

Mir hunn natierlech och duerch eise Wuesstum e relativ séieren demografesche Wuesstum an der Schoulpopulatioun, och ëmmer méi divers, dat ass hei enimmt ginn. Mä et gëtt zwou Grondapprochen, déi ee kann zu där Entwécklung huelen. Déi éischt ass de verstärkte Wëllen zur Integratioun vun deene Jonken, fir hinzegoen a se esou wäit wéi méiglech an de Lëtzebuergesche Schoulssystem ze integréieren, och ebe wou Lëtzebuergesch normal geschwat gëtt, oder awer de Wee vun der Segregatioun, de Segregatiounsweg, deen d'Kanner vu klengem un iwwert d'Nationalitéit, iwwert d'Sprooch vuneneen trennt.

Dat ass dee Wee, deen d'Regierung wíelt. Et ass net de Wee vun der ADR. Hei hu mer e fundamentalen Ënnerschied. Mir als ADR sti fir Integratioun. D'Regierung vertritt hei d'Philosophie, wann een dat esou kann nennen, vun der Segregatioun. Do ass also eppes, wat fir eis onvereinbar ass a firwat mir och deen hei Projet net matdroen.

Selbstverständlech - mir si jo Realisten - och fir déi ekonomesch Entwécklung vun eisem Land brauche mer en Angebot fir auslännesch Kanner, deenen hir Elteren nëmmen e puer Joer heibleiwen, dass ass eng Selbstverständlechkeet. D'europäesch Institutiounen si genannt ginn. Jo gutt, do gëtt et jo de System

vun den Europaschoulen. Et gëtt och international Schoulen, wou Firmen heiansdo de Mi-nerval bezuelt hunn. An och do hätt ee kënne kucken, ob de Stat net do intervenéiert, fir keng sozial Ënnerscheeder entstoen ze loosse bei Kanner, déi ebe just fir eng kuerz Zäit hei am Land sinn.

Dat ass eng speziell Situatioun. Mä fir déi aner, fir déi allgemeng Regel, hätt mir ëmmer plädéiert fir Classes d'accueil. Dat maache mer nach ëmmer, fir auslännesch Kanner sproochlech eben op deen Niveau erunzeféieren, deen hinnen et erlaabt, fir an der Lëtzebuergescher Schoul ouni Risiko, wéinst sproochlechen Ursachen net kënnen ze reusséieren, kënnen integriert ze ginn.

U sech, wann een dat politesch beschreift, ass dat heiten net en Ëmgoe mat der Diversitéit, mä et ass d'Kapitulatioun virun der Diversitéit. Et ass de Verzicht vun der Lëtzebuergescher Regierung, eng Integrationspolitik ze bedriewen.

Dir sot, et si vill Lëtzebuerg an deene Schoulen. Jo, mä wat fir eng Wiel hu vill jonk Lëtzebuerg haut? Si hunn an der Lëtzebuergescher gratis ëffentlecher Schoul u sech zwou Wielméiglechkeeten, déi och elo national iwwert d'Land verdeelt ginn. Entweder si bleiwen an eisem méi traditionelle System, wou se net wëssen, wéi den Niveau sech weiterentwickelt, well se - mir haten et virdru beschwat an deem Projet de loi, dee mer virdru haten - dee kontinuéierlechen Nivellement vers le bas gesinn. Elo ass de Premièresexamen nach eng Kéier ausgehelecht ginn. Si wëssen net: Wat ass deen Diplom nach wäert, deen ech an e puer Joer hunn, wann ech an enger traditioneller Lëtzebuergescher Schoul bleiwen?

An dann hu se d'Alternativ am selwechten ëffentleche Lëtzebuergesche Schoulssystem mat engem international unerkannten Diplom, wou also och gewësse Garantië sinn, dass den Niveau awer muss an engem bestëmmte Rayon erhale bleiwen. Et gëtt eng besser Garantie op e valabele Schoullofschloss. An doduerch ass et och eng rational Decisioun fir vill jonk Lëtzebuerg, déi Lëtzebuergesch schwätzen doheem, fir léiwer a Richtung Sécherheet ze goen, léiwer an d'Richtung vun engem Diplom, dee manner séier säi Wäert verléiert wéi dat, wat mer am Abléck an eisem Schoulssystem soss erliewen.

Et ass och eng ideologesch Ausrichtung. Do gëtt d'Promotion de l'idée européenne gemaach, wat u sech jo eng gutt Saach ass, wann een emol wéisst, wouriwwer een hei schwätzt. Wat ass domadder gemengt hautzudaags? Ass et just, wéi hei gesot gëtt, de Respekt viru jiddwerengem? Dat ass eng elementar Saach. Ech wëll just drun erënneren, dass ass och an engem Reliounsrecht enseignéiert ginn, deen dës Regierung jo awer méi wéi séier ofschafe wollt. De Respekt u sech ass net d'Idée européenne. Mir wëlle jo keng politesche Endoctrinatioun. Mir sollen de Kanner emol Substanz bäibréngen a Wëssen. Ech mengen, dorunner feelt et am meeschten.

An e leschte Punkt, firwat mir als ADR dat hei net matstëmmen, dass ass eben, dass an der Lëtzebuergescher ëffentlecher Funktioun Sproochenausname beim Personal kreéiert ginn. Mir halen drop, dass déi Lëtzebuergesch ëffentlech Funktioun Lëtzebuergeschsproocheg ass, och eng Konstant an eiser Politik. Mir sinn op kee Fall bereet, Ausnamen ze maache fir Leit, déi heihinnerkommen an da just ee B2 an enger vun deenen dräi administrative Sproochen vum Land hunn. Mir soen: Jiddwereen ass wëllkomm, mä déi, déi heihinnerkommen, si gebieden, Lëtzebuergesch ze léieren op engem héijen Niveau an déi dräi administrativ Sproochen vum Land ze kënnen. Wien heihikënn, huet eng flott Carrièreperspektiv, en huet eng gutt Pai. Dat kann ee vun de Leit erwaarden.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Erzeiungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*** - Ech schlësse mech all deene Mercien un un de Rapporteur, de Lex Delles, fir deen et sécherlech e besonnenesche Moment hei war, nach eng Kéier iwwert d'Success Story vun den europäesche Klasse generell kënnen ze schwätzen an eisem Schoulssystem, mä dann awer och der Chamber dat Gesetz ze presentéieren, wat e Lycée schafft a senger Gemeng, wou en d'Chance huet, Buergermeeschter ze sinn, nëmmenlech zu Munneref.



Effektiv, mir hu virun net emol zwee Joer d'École internationale zu Déifferdeng opgemaach. Mir hunn och hei driiwwer geschwat. Mir waren eis och net alleguerten eens dee Moment. A mir woussten net richtig: Ass dat dat, wat bei eis passt? An haut wësse mer: Et ass genau dat, wat bei vill vun eise Schülerinnen a Schüler passt. Mir hunn déi lescht Rentrée, ee Joer méi spéit, schonn e Gebai zu Esch annexéiert an elo nach eng Kéier ee Joer méi spéit, nëmmlech bei der nächster Rentrée, ass et esou, datt dann och zu Munneref, zu Clierf an zu Jonglënster europäesch Klasse wäerten opgemaach ginn.

An et ass hei schonn ugeklongen, Dir hutt et héieren an deene Gespréicher, déi mer an der Kommissioun haten, vläicht och an de Gespréicher mat deem engen oder aneren Direkter vun deene Schoulen, nëmmlech datt et e ganz, ganz grouse Succès ass. Ech selwer hat d'Geléenheet, op e puer Informatiounsversammlungen dobäi ze sinn. Ech kann lech soen, ech hunn der an deene leschte fënnef Joer net esou vill erlieft, wou d'Leit gespaant a mat grousser Hoffnung och dohinnekommen sinn, fir eng alternativ schoulesch Offer ze fannen.

An et verwonnert eigentlech och net, datt grad de Modell vun den Europaschoulen esou interessant ass an esou e Succès zu Lëtzebuerg fënn. Well firwat goufen d'Europaschoule gegrënnt? Den Europaschoulmodell ass geschafe gi fir Kanner vun den europäesche Fonctionnaires, déi dann an engem anere Land geschafft hu bei den europäeschen Institutionen, déi eng ganz ënnerschiddlech Mammesprooch haten, fir se an enger Schoul, an engem Schoul-system awer och méisproocheg kënnen opwuessen ze looszen. An nun ass dat jo awer grad d'Situatioun, déi mer ganz heefeg hei zu Lëtzebuerg hunn. An duerfir passt dee Modell do ganz gutt bei ganz vill Schüler. An duerfir ass et och, mengen ech, eng Alternativ fir all Schüler.

Um Ufank ass nach gemengt ginn, et wär fir eng „expert community“, et ass gemengt ginn, et wär vläicht fir déi Immigration, wéi mer se schonn zënter Längerem zu Lëtzebuerg hunn. Dunn ass gemengt ginn, deen een oder deen aneren, deen eben an der Regelschoul net eens gëtt, geet dohinne. Mir mierken haut, datt eigentlech do d'Mixitéit wierklech ganz, ganz breetgeschriwwen gëtt an deene Schoulen, net nëmme vun de Mammesproochen hier, net nëmme vun deem, wat d'Eltere schaffen, net nëmme och wou d'Elteren da mat de Kanner wunnen, mä virun allem och déi sozial Mixitéit, déi ganz breet ass an eigentlech en absolutt Spigelbild ass vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, esou wéi mer se och an deenen anere Schoulen queesch uechtert d'Land am Fondamental op jidde Fall fannen.

Jo, et ass gesot ginn a vu jiddwerengem gelueft ginn, datt mer hei... Vun engem ass et net, mengen ech, explizitt gelueft ginn, deen huet sech an deenen Diskussiounen virun ëmmer méi domadder gehat. Et ass vun deenen alermeeschten da gelueft ginn, datt hei Lëtzebuergerchenseignéiert gëtt, d'selwecht wéi et och op deenen anere Plaze bei den europäesche Klasse gemaach gëtt, well mer scho gesinn, datt mer e Problem hunn, datt, wa Kanner a Schoule ginn, wou aner Sproocher gimmer sinn, wou aner schoulesch Offere sinn, wou d'Lëtzebuergerchenseicht net déi natierlech Émgangssprooch ass, datt mer eben en zousätzlechen Effort an den Investissement musse maachen, an den Apprentissage vun der Lëtzebuerger Sprooch, fir duerno d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft kënnen och ze garantéieren. Mä gläichzäiteg - mä dat läit op der Hand, wien Europaschoule seet, dee weess, datt dat quasi Synonym ass vun der Méisproochegkeet - gëtt d'Méisproochegkeet hei ganz, ganz staark gefërdert.

Nun, ech mengen, an ech betounen datt ëmmer erëm, déi Schoulen hei, déi agreéiert Europaschoulen, déi sinn net besser wéi déi aner Schoulen, mä se sinn awer besser fir eng ganz Rei vu Schülerinnen a vu Schüler. An dat ass wichteg.

Eis Bildungslandschaft gëtt heimadder nach eng Kéier vill méi villfältig a se gëtt esou villfältig eigentlech, wéi eis Populatioun villfältig ass a wéi eis Schülerschaft an de Schoule villfältig ass. Wa mer all Kand wellen eng fair Chance op eng gutt Qualifikatioun an op en Of Schloss ginn, da mengen ech, musse mer an der Schoul och déi Villfalt do ofbilden, wéi mer se an eiser Gesellschaft hunn.

D'Madamm Lorsché huet zu Recht drop higewisen, wa mer méi schoulesch Offeren ubidden, da musse mer och kucken, datt dat richtig Kand de Wee bei déi richtig Schoul fënn,

déi grad bei säi Besoin passt. Ënner anere duerfir hu mer jo och nach eng Kéier déi Orientatiounsprozedur méi opgemaach, den Elteren do méi Méiglechkeete matginn. Mir ënnerscheeden haut bei der Orientatioun tëschent dem Fondamental an dem Secondaire eigentlech net méi nëmme tëschent enger Orientatioun an de Modulaire, an den Enseignement secondaire général oder an den Enseignement secondaire classique, well mer ebe ganz vill aner Méiglechkeeten hunn.

Bei den europäesch Klasse wëll ech awer op dës Plaz och emol eng Kéier betounen, datt et eigentlech e Gesamtschoulmodell ass, dee mer hei aféieren, dee mer virun zwee Joer schonn agefouert hunn, wou mer dat an absolutter Rou gemaach hunn, wou keen eigentlech gréisser doriwwer diskutéiert huet. Mä hei gi Kanner zesumme vum éischten Dag bis herno de Bac an eng gemeinsam Klass. Se léieren zesummen a se maachen hiren Of Schloss zesummen, egal ob se hir Orientatioun nom sechste Schouljoer an den Enseignement secondaire général oder den Enseignement secondaire classique haten; eppes, wou mer eis virun dräi Jorzéngten eigentlech vill hei am Land driiwer ënnerhalen hunn a mer net ëmmer enger Meenung waren, gëtt hei an aller Rou elo agefouert.

Mä wat ech wollt soen, dat ass, datt mer scho musse kucken, datt déi richtig Kanner de Wee bei déi richtig Schoul fannen. Duerfir och déi adaptéiert Orientatiounsprozedur, duerfir awer och en Internetsite mengerschoul.lu, wou mer all déi Informatiounen do nach eng Kéier flott beienee resuméiert hunn.

Selwer war ech elo nach eng Kéier op ville Plazen ënnerwee an d'Leit stelle sech d'Froen: „Wat ass déi beschte Schoul fir mäi Kand?“, a probéiere schonn déi Ënnerscheeder vun de Modeller erauszefannen an ze kucken, wat dann elo wierklech e bessere Parcours ass an och wou hiert Kand besser Chancen op Reussite huet. An duerfir muss een et wëssen. An duerfir wäerte mer och weider Efforte maachen, dat bei d'Leit ze bréngen.

Zu Munneref sinn ech frou, datt mer och nach elo déi nächst Rentrée déi Schoul kënnen opmaachen. Dat wär net ouni déi gutt Zesummenaarbecht mat der Gemeng Munneref gaangen, déi wierklech e Lycée wëllt, déi ganz kloer seet: „Eis Regioun brauch dat doten, eis Leit brauchen dat do, eis Kanner brauchen esou eng Infrastruktur an der Regioun“, an datt dat fir de Strukturwandel an den Opschwung am Südoste vum Land sécherlech nach eng Kéier e groussen Impakt wäert hunn a sécherlech definitiv herno flott, och urbanistescht flott an ee ganz neie Quartier wäert integréiert ginn.

Zu Jonglënster si mer frou, datt mer hei e weidere Piler eigentlech opbaue fir déi Schoul, iwwert déi mer an deene leschten zwee, dräi Joer oft diskutéiert hunn. Do hu mer Klassen, déi vläicht net deen néidegen Effectif hunn. Déi Offre scolaire, déi mer do maachen, déi stéisst net onbedéngt op déi Nofro an der Regioun. An duerfir mierke mer hei, datt genau déi heiten Offer, déi mer maachen, op extrem grouss Nofro an der Regioun do stéisst. An duerfir passt dat ganz gutt an ass complementaire zu der Offer vun deene reguläre Klassen aus dem Enseignement secondaire général oder dem Classique, déi zu Jonglënster ugebuede ginn.

D'ailleurs sinn ech awer frou, datt ech als Minister dann nach e bësse méi informéiert si wéi den Här Deputéierte Baum. Et ass nëmmlech net esou, datt nëmme zwou Klassen am Engleschen am Primaire opgemaach ginn, mä mer wäerte vum P1 bis de P5, also fënnf Klassen am Engleschen opmaachen. An och dat ass nach eng Kéier eng Reaktioun vun eiser Säit aus a vun der Schoul aus op déi grouss Nofro, déi do bestanen huet.

An e bëssen d'selwecht ass et eigentlech och fir de Lycée zu Clierf, wou mer nieft deene Klassen aus dem Secondaire général an dem Secondaire classique och hei en drëtt Standbee wäerten developpéieren. Dat och do, an do hätt vläicht deen een oder deen anere kënnen Zweifel drun hunn, absolutt op eng Nofro stéisst. An och do wäerten d'Klasse vum éischte Joer u gutt gefëllt sinn, wou mer do, an dat ass och interessant, probéieren, déi Offer an der Grondschoul éischer mat de Gemengen an de Gemengeschoulen och ze developpéieren. An do e grouse Merci och un déi Gemengeresponsabel aus där Regioun, datt dat do méiglech ass an datt mer dat déi nächst Jore kënnen zesummen opbauen.

Jo, d'Fro ass gestallt ginn: Wéi ass et mat deenen europäesche Grondschoulen? Et ass net Usus, datt de Stat selwer Grondschoule géiert a se dann och nach ënnert d'Direktioun stellt vun engem Lycée. Mä et ass eng vun de Konditiounen, fir en Agreement vun den Europaschoulen ze kréien, datt ee sech net nëmme konzentréiert op de Secondaire, mä och eng Offer am Primaire ubitt.

Mir halen déi Offer am Primaire en fonction vun deem Besoin, wou mer wierklech gesinn, datt Schüler do sinn, déi net onbedéngt elo an déi regulär Klasse vläicht passen an déi hei besser Chancen hätten. Ech mengen net, datt mer elo d'Ambitioun hunn, fir landeswäit en zweete Primairesystem opzebauen. Datt mer och hei e Wee hunn, deen iwwert déi Primaireklasse vum europäesche System an de Secondaire européen eraféiert, an awer och nach eng Kéier een, datt déi, déi e reguläre Primaire gemaach hunn an hirer Gemeng, an hirem Quartier duerno, nom sechste Schouljoer kënnen dohinne wiesselen. Dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn.

Ech mengen net, datt mer hei de Prinzip vum Generalist a Fro stellen, andeems mer och an deem dote Primaire da Leit mat anere Sproochekompetenzen enseignéieren hunn. Dir hutt virdru mä Plädoyer hei héieren an alleguerte matkritt, datt mäin Häerz eigentlech um Generalist als Grondprinzip vum Enseignement am Fondamental hânt an ech sécherlech net drun denken, hei iergendwéi an déi dote Richtung elo iwwert deen dote Wee e grousst Changement kënnen ze maachen.

Datt mer Personal vun ënnerschiddlechem Statut a Schoulen hunn, dat ass net nëmme hei bei deenen europäesche Klassen esou. Do kënn nëmme nach e Statut derbäi, well mer dann déi Leit hunn, déi derogéieren zu de reguläre Sproochekonditiounen dann iwwert deen dote Wee kënnen erakommen. Mä fir de Rescht hu mer Professore, mir hu Professeur-Candidaten déi hiren TC nach net gemaach hunn, mir hu Chargé-de-coursen an de Schoulen, mir hunn Expert-externen, déi och emol Formatiounen hale kommen. Mir hu verschidde Kategorien och elo mëttlerweil nach eng Kéier vu Chargé-de-coursen am A1 an am A2. Also déi Cohabitatioun do, déi fonctionnéiert eigentlech ganz gutt an de Schoulen. An ech sinn optimistescht, datt se och an den europäesche Klasse wäert fonctionnéieren.

Ech soen hei fir déi grouss Zoustëmmung vun der Chamber villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A mer géifen dann direkt zur Ofstëmmung vum Projet 7240 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7240 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. 55-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet 7240 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Martine Mergen), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Aselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut kommen: de Projet de loi 7132 betreffend d'Organisatioun vun der Universitéit Lëtzebuerg. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här André Bauler.

4. 7132 - Projet de loi ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng héich qualifizéiert Bevëlkerung an eng performant Wirtschaft droe wesentlech dozou bäi, de Standuert Lëtzebuerg an Zukunft ofzesécheren. Am Zäitalter vun der Digitaliséierung an der Globaliséierung kënnen nëmme déi Länner an der éischer Liga matspillen, deenen hir Wirtschaft innovativ ass, déi Virreider an de Secteure vun der Zukunft sinn an déi nei Iddien a Léisungen unzibidden hunn. Gläichzäiteg ass eng gutt Ausbildung vun deene Jonken net nëmme d'Viraussetzung fir de wirtschaftleche Succès, mä och d'Grundlag fir eng oppen an dynamesch Gesellschaft.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Bildung, Fuerschung an Innovation, dëst sinn déi dräi Saiten, déi eis Gesellschaft an eis Wirtschaft haut an an Zukunft droen. An dësem Kader huelen d'Uni, d'Centres de recherche publics an de Fonds national de la recherche eng zentral Plaz an. Aus deem Grond ass och am Budget pluriannuel fir den Zäitraum 2018 bis 2021 fir déi genannten Institutionen eng Steigerung vu 25% am Verglach zum Budget vu virdru virgesi ginn. Dat ergëtt insgesamt eng budgetär Enveloppe vu bal annerhallwer Milliarden, soit e Plus vu bal 300 Milliounen, déi mer an dee Secteur investéieren. Dat neit Unisgesetz, dat haut gestëmmt soll ginn, schreift sech an dëse Kontext an.

De Gesetzesprojet 7132 huet effektiv als Zil, d'Gesetz vum 12. August 2003, dat d'Universitéit Lëtzebuerg geschafen huet, an en neie Kader ze géissen. Déi gesetzlech Rumm iwwert d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Uni gëtt der Entwécklung vun der Uni selwer grad wéi dem nationalen an internationalen Umfeld an de leschte 15 Joer ugepasst. D'Schafung vun der Universitéit Lëtzebuerg am Joer 2003 war eng strategesch Entscheidung an der wirtschaftlecher, gesellschaftlecher Entwécklung vum Grand-Duché. Si sollt eng Antwort sinn op déi wuessend Besoinen no héich qualifizierten Aarbechtskräften.

Op där anerer Säit goug et drëm, d'Wirtschaft ze diversifizéieren a se an deem Sënn méi breet opzestellen. Doriwwer aus huet et awer och geheescht, den Uschloss un d'Wëssensgesellschaft net ze verpassen.

Zënterhier huet d'Uni Lëtzebuerg sech bannent 15 Joer rasant entwéckelt. Fläisseg a motivéiert Fuerscher a Professore hunn duerch hir Aarbecht dozou bäigedroen, dass d'Universitéit sech haut op internationalem Plang net ze verstoppe brauch. Duerfir ass et wichteg, dass si och an Zukunft hire Wee erfollegräich ka weidergoen.

Eng gutt Ausbildung, eng innovativ Wirtschaft an eng dynamesch Fuerschung gehéieren zu de wichtigste Bedéngungen, fir den Erausforderunge vu muer beschränkt kënnen ze begéinen an als Standuert attraktiv ze bleiven. Op europäeschem Plang gouf dowéinst ënner anere 2009 de strategesch Kader Educatioun a Formatioun 2020 ausgeschafft, dee véier Hauptziler verfolge. Dorënner och d'Verbesserung vun der Qualitéit an der Wierksamkeit vun der Ausbildung an d'Ënnerstëtzung vum Esprit d'entreprise. Dës Ziler goufen 2014 aktualiséiert an nach méi präzis formuléiert.

Des Weidere gouf mat der Reform vum Bologna-Prozess versicht, nach méi eng staark Integratioun um Niveau vum Héichschoulwieser ze erreechen an d'Bildungssystemer europawäit ze harmoniséieren, fir esou déi jeeweileg Qualifikatiounen méi einfach kënnen unzëerkennen.

Nieft den Initiativen am Beräich vun der Héichschoul ass d'Schafung vun engem europäesche Raum vun der Fuerschung eng weider Zilsetzung vun der Bréisseler Kommissioun. D'Kommissioun huet hei sechs Prioritéite fixéiert, fir déi wëssenschaftlech Exzellenz, d'Kompetitivitéit an d'Innovatioun ze fërderen. Et geet hei drëm, d'Wierksamkeit vun den nationalen Fuerschungssystemer ze verbesseren, d'Zesummenaarbecht an déi transnational Konkurrenz ze optimiséieren, den Aarbechtsmaart fir Fuerscher opzemaachen, d'Gläichbehandlung vun de Geschlechter ze erreechen an d'Dimensioun Männer-Fraen an d'Fuerschung eranzebréngen, d'Wësse besser ze verbreed an e fräien Zougang ze garantéieren a letztendlich déi international Zesummenaarbecht ze fërderen.

D'Reform vun eiser Uni, esou wéi dëst Gesetz et virgesäit, schreift sech an dee Kader an. Sou sinn och bei dëser Reform déi wichtegst Elementer gréisstendeels déiselwecht wéi bei den Unisreformen an aneren EU-Länner. Et geet, wéi an deene meeschte Fäll, drëm, fir d'Governance ze moderniséieren, derfir ze suergen, dass d'Etablissementer am Beräich vum Héichschoulwieser autonom sinn, dass mat externe Partner zesumme geschafft gëtt, d'Finanzierung diversifizéiert gëtt, Privatfongen opgestockt a Bewäertungsprozeduren age-